



Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här François Bausch, Minister fir Verdeedegung, Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6656 vum 12. August 2022 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser

Ad 1)

Eng Adaptatioun vun der aktueller lëtzebuergescher Gesetzgebung betreffend Dronen an den deementspreechende Strobbestëmmunge ass an der Ausaarbechtung.

D'Anhale vun de meeschten Dispositiounen déi an der aktueller EU-Reglementatioun virgesi si, kann herno vun de Poliziste mat hire Moyene konstatéiert ginn. Esou wäerten d'Polizisten an hirem normalen Déngscht kënnen feststellen op d'Kategorie an d'Gewiicht konform sinn, déi noutwenneg Autorisatioun säitens der Direction de l'aviation civile (DAC) virleien, respektiv all Konditiounen a Restriktiounen vun der Kategorie 'open', etc. vun der Drone erfëllt sinn.

Méi spezifesch Methoden am Kontext Dronenerkennung, respektiv Verfolgung a Stéierung, kënnen nëmmen an Zesummenaarbecht mat aneren Acteure geschéien (DAC, Administration de la navigation aérienne, etc.). Aktuell ass d'Police amgaangen déi Composante "Dronenerkennung" bei sech ze plangen.

Ad 2)

Fir de Volet Dronenerkennung gëtt op d'Äntwert vun der Fro 1 verwisen.

Wat d'Formatiounen bei der Arméi betrëfft, gëtt sech op folgend Dokumenter baséiert:

- ATP 3.3.7. – NATO STANAG 4670 : Guidance for the training of Unmanned Aircraft Systems Operators;
- Autorisation d'exploitation d'aéronefs sans équipage à bord (drones) établie par la DAC;
- Règlement ministériel du 14 mai 2019 relatif à la subdivision et aux conditions d'utilisation de l'espace aérien luxembourgeois;
- Letter of Agreement between Luxembourg Armed Forces, ANA, LAR, Police Grand-Ducale (21 juin 2018);
- Easy Access Rules for Unmanned Aircraft Systems (EU Regulations 2019/947 and 2019/945)

Ad 3) :

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet am Oktober 2020 eng legislativ Prozedur lancéiert, fir eng legal Basis zu der Supervisioun vun der "Aviation étatique" auszeschaffen. Dës ëmfaasst "d'Loftaktivitéite vu staatleche Fligere (och Dronen), déi dem Staat gehéieren oder zur Verfügung gestellt sinn an exklusiv op Missiounen vun ëffentlechem Interessi zougewise sinn". Dozou gehéieren zum Beispill d'Loftaktivitéiten an d'Missiounen vun der Police Grand-Ducale, der Arméi an dem Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours (CGDIS).

Hei gëllt et och op d'Bestëmmunge vum Gesetzprojet 7680 ze verweisen, fir deen de Staatsrot den 14. Juni 2022 säin zousätzlechen Avis ginn huet.

D'Ausschaffe vun enger legaler Basis ass eng Viraussetzung fir all Encadrement an Aménagement vun den Aktivitéite vun enger "Aviation étatique", ouni den Niveau vun der Sécherheet vun der ziviller Loftfaart ze beaflossen. Aktuell sinn déi eenzeg applicabel Reegelen, déi allgemeng Reegele vun der internationaler ziviller Loftfaart nom Artikel 1 vum modifizéierte Gesetz vum 31. Januar 1948 "*relative à la réglementation de la navigation aérienne*".

Ad 4) :

De Reglement (UE) 2019/947 gesäit d'"*Obligation de l'enregistrement*" fir den Exploitant vun der Dron vir, wann dës mat engem Capteur equipéiert ass, dee perséinlech Donnéeën ophuele kann, ausser se ass konform zu der Direktive 2009/48/CE "*relative à la sécurité des jouets*", déi der Kompetenz vum Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services (ILNAS) ënnerläit.

Ad 5) :

Dat europäescht Dateschutz Reglement (UE) 2016/679 (« RGPD »), wat säit dem 25. Mee 2018 an allen EU Memberstaten a Kraaft ass, ass als technologesch neutral konzipéiert ginn, andeems et op allgemenge Prinzipien baséiert, éischter wéi op spezifeschen Technologien. Dëst erlaabt et dem RGPD all nei Technologien ze couvréieren, fir déi déi selwecht allgemeng Prinzipie gëllen.¹

Wat den Traitement vu biometreschen Donnéeën ugeet, mat dem Zil physesch Persounen op eng spezifesch Manéier z'identifizéieren, zum Beispill wann déi Biller vun enger Gesiichtserkennungssoftware gelies géifen, gesäit den Artikel 9, Paragraph 1, vum RGPD vir, datt dat am Prinzip verbueden ass. Just wann eng vun deenen am Artikel 9, Paragraph 2, vum RGPD limitativ opgezielten Ausnamen erfëllt wier, kéint esou en Traitement duerchgefëiert ginn. Et ass dann um "Responsable de Traitement" ze justificéieren, datt deen Traitement vu Biller eng vun deenen Konditiounen erfëllt.

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX

¹ Communication de la Commission européenne au Parlement européen et au Conseil, à l'occasion du deuxième anniversaire de l'entrée en application du RGPD, Säit 10, disponibel via d'Adress : https://ec.europa.eu/info/sites/default/files/1_en_act_part1_v6_1.pdf.